N°1745
Entrée le 08.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.01.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

D'Press huet rezent iwwert eng Rei vu Problemer bei enger ASBL bericht, déi och d'Roll vun der ADEM an dësem Kontext a Fro stellt. De Medieberiichter no goufen et bei der CASA ASBL verschidde Mëssstänn am Zesummenhang mat OTI-Aarbechtsverträg an der Bedeelegung vun der ADEM. Besonnesch besuergniserreegend ass, dass 17 Leit op eemol hir Aarbecht verluer hunn an hinnen erkläert gouf, si hätten keng weider Urechter op Chômage.

D'ADEM huet der Press no eng Rei vu Kontrolle bei der genannter ASBL duerchgefouert an et goufen Onreegelméissegkeeten am Zesummenhang mat den OTI-Aarbechtsverträg festgestallt. Doriwwer eraus schéngt et, datt d'ASBL iwwerhaapt net hätt däerfen OTI-Verträg ofschléissen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Kontrolle goufen zënter 2022 vun der ADEM bei der genannter ASBL duerchgefouert a wat waren d'Resultater vun dëse Kontrollen?
2. Wéi ass et méiglech, dass eng ASBL iwwer Jore konnt OTI-Verträg ofschléissen, obwuel dëst laut ADEM-Websäit explizitt net virgesi sinn?
3. Wéi vill OTI-Verträg goufen an de leschte 5 Joer tëscht der genannter ASBL an der ADEM ofgeschloss?
4. Firwat gouf et keng Interventioun vun der ADEM, wéi festgestallt gouf, dass OTI-Verträg iwwer déi legal virgesinn 18 Méint eraus verlängert goufen?
5. Wéi eng Moossnamen huet d'ADEM elo geholl fir de betraffene Persounen ze hëllefen an nei Aarbechtsplazen ze fannen? Respektiv fir een Auskommen ze suergen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten